



ass e risege Problem, wa mir eng Regierungskoalitioun hunn, wou zwou vun dräi Parteien offensichtlech Problemer mat hirer interner Koordination hunn. Gleewe se zu Stroossembuerg net un dat, wat se hei zu Lëtzebuerg maachen? Mee esou geet et net!

An dee Vott vum Europaparlament vun de Sozialisten a vun deene Grénge, dee wäert am Gediecht nis bleiwen. Et ass wierklech der eegener Regierung, déi si stellen, an de Réck gefall! Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Zu deem Projet de loi - ech mengen, ech hunn dat oft gesot, wann ech hu missen zu engem Sujet schwätzen, dee mat Blockchain ze dinn huet -, muss ee fir d'éischt emol soen, datt een e Kenntnisstand huet, op jiddwer Fall, wat mech betrëfft, dee relativ limitéiert ass. Ech misst dru schaffen, ech maachen dat einfach net; mee ech versprechen lech, dat deemnächst ze maachen, wann ech och e bësse méi Zäit wäert hunn. Mee op jiddwer Fall kann een awer eng Partie Saache soen, well mir wäerte géint dee Projet de loi stëmmen.

Et gëtt oft gesot, datt Technologie politesch neutral wieren. Ech mengen, ech hunn esou eppes och scho mol gesot. Ech mengen, dat ass net ganz richtig, dat ass sech d'Liewen e bëssen ze vill einfach gemaach. Technologie sinn ëmmer och de Produkt vu sozialen Entwécklungen, a sozial Entwécklung si per se net politesch neutral.

Elo ass et esou bei de Blockchains, déi kënnen am Konkreete ganz verschidden Applikatiounen kréien. Si kënnen solidaresch Applikatiounen kréien. Notamment a Griichenland ass dat benotzt ginn, zemoos an der Krisenzäit 2015, 2016, wou Leit sech hu misen aneschtens organiséieren, nodeems d'Troika do ekonomesch geputscht hat. Dat heescht, do kann ee solidaresch Mesuren opbauen.

Mee natierlech kann een dat och aneschtens ugoen, notament, wann een a méi e spekulative Beräich erageet. A mir gesinn, déi éischt Öffnung, déi d'Regierung hei mécht, déi geet an déi Richtung - och wann dat der CSV net séier genuch geet an och wann d'CSV déi Diere vu Spekulation opgrond vun deenen Technologien nach vill méi schnell wëllt opmaachen an an deem Sënn total irresponsabel handele géif. Et ass ëmmer witzeg ze gesinn, wéi déi „altwüerdige“ Partei, d'CSV, déi jo ganz vill politesch Kapital op hir Responsabilitéitspause gesat huet, u sech a Wierklechkeet a Finanzfroen total irresponsabel, jo, sou quasi e „Finanzpunkt“ ass. An ech mengen, mir musse ganz gutt oppassen, datt mer net an déi Richtung ginn.

À propos Punkten: Den Här Mosar huet an deem Kontext missen eppes uschwätzen, de Vott vun zwee vun eise Kolleegen, dem Här Marc Angel an dem Tilly Metz, vun enger Resolution, déi vun der GUE, also der lénker Fraktioun am Europaparlament initiéiert gouf.

Fir d'éischt emol wollt ech dem Marc Angel an dem Tilly Metz wierklech felicitéiere fir hire Courage. Si hunn hir Aarbecht an deem Sënn wierklech gutt gemaach a si wousste bestëmmt, datt dat net einfach ass, esou eng Resolution als Lëtzeburger Europadeputéiert matzedroen. Mee si hu bewisen, datt een och kann inteege funktionéieren an datt een och d'Allgemenggutt viru Partikularinteressen a vläicht souguer viru privat Interesse stellt.

Wat mech an deser Situatioun stéiert, dat ass, datt vu gewëssener Säit, meeschtens vun der rieter Säit, esou gemaach gëtt, wéi wa gewësse Praxisen, déi ganz kloer Steierevasioun sinn, ... datt dat mat nationalen Interesse vermëscht gëtt, obwuel et a Wierklechkeet nëmmen drëms geet, privat Interesse vun e puer Leit ze beschützen.

Jo, Lëtzebuerg ass opgrond vun enger Etüd vun Oxford op d'Plaz Nummer siwen, mengen ech, vun de „paradis fiscaux“, wéi een dat och ka bezeechnen, gesat ginn. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, mat der Schwäiz, déi nach virdrun ass, Irland ass nach virdrun, Holland ass nach virdrun. Mir sollen net Märtyrer spillen, also si ginn och benannt. Lëtzebuerg huet d'Praxisse vun Évasion fiscale.

Schonn nëmmen am Joer 2015, dat seet déi Etüd jo och, si 600 Milliarden Euro Benefisser vu Multinationallen op verschiddene Plaze gelant, y compris Lëtzebuerg. Een Drëttel dovunner an der EU - d'Schwäiz ass jo net an der EU, do wäerten der och vill gelant sinn -, well eebe gewësse Länner Legislatiounen hunn, déi et de Multien erlaben, quasi keng Steieren oder ganz wéineg Steieren ze bezuelen. A mir wësse ganz gutt, wat fir eng Gefor d'Multie fir d'Demokratie, fir d'Ëmwelt a fir d'sozial Rechter duerstellen. A wien dat verteidegt, dee verteidegt net d'Interesse vun de Leit, an dee verteidegt och net d'Interesse vun de Leit hei zu Lëtzebuerg! Haalt op, esou Saachen ze erzielen!

Ech stelle fest, datt den Här Angel an d'Madamm Metz hir Aarbecht gemaach hunn, an et muss een

hinne felicitéieren. An ech stelle fest, datt d'CSV an d'ADR op der Säit vun de Multie sinn an op der Säit vun enger Handvoll Leit, déi sech um Bockel vun der Allgemengeheet a vun der Bevëlkerung beräicheren. An d'Jugend, d'Jugend hautdesdaags, déi fält net méi op esou Logiken eran, si huet lech och schonn duerchkuckt!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här David Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert mech hei elo net an eng Klassekampfdialektik amëschen, ech iwwerloossen dat deenen, déi sech méi mat deene Bicher auserneegesat hunn. Ech sinn éischer teen, dee sech mat den technologesche Bicher auserneegesat huet, an do kann ech dat Wëssen dann haut, mengen ech, och mol eng Kéier hei um Podium notzen.

De Blockchainsystem ass eng technesch Innovatioun - dat gouf haut scho gesot -, déi eis erlaabt, Date méi sécher ze späicheren, awer och ze iwwermëttelen. Déi meescht, wa se vu Blockchain schwätzen oder vun der Blockchain héieren, denken direkt u Bitcoin. A wien am Moment u Bitcoin denkt, deem ginn d'Ae grouss an deen denkt: „Domadder ginn ech räich!“ Bon, deen huet vläicht haut net d'Course gekuckt, well haut ass de Bitcoin tatsächlech erofgaangen. Dat weist, datt et e spekulatiiv Instrument ass, a mir sollten dat net mat iergendenger Wäertulag vergläichen; et si Bits a Bytes. Nichtsdestotz hunn déi Bits a Bytes eng Valeur kritt, well se begrenzt sinn.

Mee dat huet näischt mat der Blockchain u sech ze dinn, well eng Blockchain per se ass net limitéiert. Eng Blockchain per se ass näischt anescht wéi eng dezentraliséiert Datebank, wou all Knuet an deem Réseau d'Aarbecht vun all deenen anere Kniet am Réseau kontrolléiert.

Firwat also esou e komplizéierte System? Ma esou e komplizéierte System mécht Sënn, wann ee mat e puer Partner wëllt Saachen deelen an ee mat deene puer Partner wëllt sécher sinn, datt keen deen anere beduckse kann.

Elo stellen ech mer awer d'Fro, wann ech dese Projet hei liesen: Brauche mir eng Blockchain fir dat heiten? Well wann all d'Computeren oder d'Majoritéit vun de Computeren an engem Réseau vun enger Blockchain vun deem nämmelechten Acteur kontrolléiert ginn, da kënnen genau esou Ännerungen an där Datebank gemaach ginn, wéi wann et eng ganz normal Datebank wär. Et ass also näischt Neies.

D'Blockchain ass eréischt dann innovativ a garantiert eng besser Datesécherheet an eng „Datenintegritéit“, wéi ee seet, wann een d'Computere vun e puer Leit kontrolléiere léisst. An der Hypothees vun Titren, vu Comptes-titres wär dat also de Fall, wann net eng Bank déi Comptes-titres géif geréieren, mee wann déi Comptes-titres vun e puer Banke géife geréiert ginn.

Elo wësse mer awer, datt dat an der Realitéit seelen de Fall ass. Esou ergëtt sech dann hei déi kokass Situatioun, datt mer mat engem Gesetz eppes erlaben, wat virdrun net verbuede war a wat warscheinlech um Terrain och net onbedéngt en direkten Impakt huet. Well eng Blockchain, wou all d'Computere vun deem Nämmelechte kontrolléiert sinn, ass eng Datebank. An Datebanken, dat huet de Kolleeg François Benoy erkläert, gëtt et scho säit e puer Joer, fir Titren dematerialiséiert ze verwalten. Innovatioun: Mir hunn en neien Numm drop gesat.

Dat heite Gesetz ass méi Marketing fir eis Finanzplaz fir ze soen: „Ma kuckt hei, mir maachen eppes mat Blockchain!“ Et ass e bëssen esou, jo, Bullshittingo: Mir huele grouss Termen an de Mond a mir hoffen, datt d'Leit net d'Substanz kucken.

Mee natierlech huet eng Blockchain Virdeeler - wa se da verdeelt ass, wa se net nëmmen engem gehéiert -, dozou gehéiert, datt et fir d'Compliance méi einfach gëtt, d'Transaktiounen ze retracéieren, well kee se ännere kann. Wann awer d'Blockchain erëm komplett deem Nämmelechte gehéiert, da kann ech awer eppes ännere goen. Tout au contraire riskéiert een da souguer, datt d'Compliance sech kéint doduerjer irritéiere loosse, datt et jo eng Blockchain ass, déi jo net editabel wär, an dofir net genausou gutt géif hikucken, wéi se et bei enger normaler Datebank oder bei engem Regëster um Pabeier géif maachen.

D'Blockchain ass also hei eng Léisung, déi et scho gëtt, et ass eng Léisung, déi scho deployabel war, déi scho konnt benotzt ginn, a lo maache mer e Gesetz dofir! Bon. Et ass Marketing. Et stéiert mech net, eppes explizitt ze erlaben, wat virdrun net verbuede war, an dofir stëmme mer dat Gesetz hei mat, och wa mer net mengen, datt sech doduerch iergendeppes ännere wäert.

Ech soe Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem Luef fir den André Bauler als President vun der Commission des Finances et du Budget, der Cofibu. Bon, dat gehéiert zur Rhetorik, zu den Habituden, mee ech hunn och fonnt, léiwen André, dass dat haut particulièrement gelonge war, op engem ganz schwéiere Sujet. Här Bauler, Dir hutt lech vill Méi ginn an Dir hutt och d'Wichtigkeet vun der Saach ënnerstrach. Dofir e grouse Merci och vu menger Säit.

Ech wollt hei e puer Punkten ënnersträichen. Zum Éischten: Mir gehéieren zu deene rare Länner, déi elo mol schonn eppes an hirem Gesetzeskader iwwer d'Blockchain gemaach hunn. Et gëtt där Länner net ganz vill. Et kann een natierlech ëmmer deen een oder deen aneren erauspicken - Frankräich ass dat bekanntst Beispill -, déi hätte méi gemaach. Ech weess awer net, ob se doduerch méi attraktiv si wéi Lëtzebuerg.

Deen zweete Punkt ass fir ze soen, dass mer hei effektiv, trotzdem dass hei vill iwwer d'Blockchain geschwat gëtt, „agnostesch“ par rapport zu der Technologie sinn - fir en Ausdrock ze gebrauchen, deen den Här Clement gäre gebraucht, deen och ganz an der Rei ass, an op deem Punkt sinn ech och ganz mat him eens. Mee mat senger Konklusioun, déi e virdu gezunn huet, absolutt net! Mee ech wäert dorop zrëckkommen.

Mir sinn hei an der Kontinuitéit vum Gesetz vun 2019, wat Dir gestëmmt hutt a wou mer justement de Fait, dass mer technologieutral sinn, verankert hunn. Mir ginn hei e Schratt méi wäit, andeem mer d'Emissioun vun Titren iwwert d'Distributed-Ledger-Technologie erlaben.

Mir hunn also eng Approche vum Step-by-Step, Schrëtt fir Schrëtt. A mir wäerten och weider esou schaffen. Firwat? Majo, well et eng Welt ass, déi vun der Blockchain an der Utilisatioun vun deser Technologie, déi immens séier evoluéiert. Mee obwuel se séier evoluéiert, muss een och op dat Wuert „evoluéiert“ oppassen. A wann een do virun de Won spréngt a vläicht ze vill reegelt, da muss een herno erëm de Réckgang aleëen, oder et muss ee komplementär legiferéieren.

Mir maachen et also Schrëtt fir Schrëtt, aus där Iwwerleeung eraus. Mir maachen et awer och Schrëtt fir Schrëtt wéinst Europa, well Europa jo op dese Sujete schafft. Ech hu virdrun an der Question élargie vum Projet vun der MiCA-Direktiv geschwat. Déi wäert sech mat dem Cadre juridique vun den Token ofginn. An do wäerte Reegelen op europäeschem Niveau op eis duerkommen an Zäit vun engem bis zwee Joer.

Firwat solle mer dann elo higoen an do anticipéieren an do schonn eng Wal treffen, wéi verschidde Saache solle reguléiert ginn, wa mer wëssen, dass mer an engem oder zwee Joer eng europäesch Direktiv hunn? Also ass et besser, sech Schrëtt fir Schrëtt ze adaptéieren. Dat gëtt eis déi Méiglechkeet, pragmatesch, attraktiv ze sinn, an net herno mussen, wéi gesot, de Réckwärtsgang anzeleeën oder aner Gesetzter ze stëmmen.

Wéinst deenen, déi eis net esou gutt gesënnt sinn dobaussen - an där gëtt et, haaptsächlech déi, déi e bësse jealous sinn op eis Finanzplaz -, wa mer Saache géife maachen, déi sech a sechs Méint als reegeldiddeng erweise par rapport zu Europa, géif och erëm eng Kéier mam Fanger op eis gewise ginn: „Hei, Lëtzebuerg huet do eppes gemaach, wat elo erëm eng Kéier muss réckgängeg gemaach ginn, well se do net richtig agéiert hunn.“ Mir versichen also, op där enger Säit virsiichteg ze sinn an an engems attraktiv ze sinn.

An dat war mäi véierte Punkt, a mäi leschten, dat ass fir ze soen: Dat hei ass alles aneres wéi theoretesch. Alles aneres wéi theoretesch! Mir sinn dat éischt Land, wou Investitiounsfongen iwwert d'Blockchain verdeelt gi sinn, mat FundsDLT. Dat war virun zwee Joer. Mir hunn Initiative wéi Infrachain oder European Blockchain Hub, déi schonn elo nom Gesetz vun 2019 funktionéieren. Hei si mer net an der Fantasie! Dat si Saachen, déi gëtt et!

A virun e puer Deeg huet eng Plattform vun Distributed-Ledger-Technologies, genannt HQLA, hei eng nei Initiativ lancéiert, fir Lëtzebuerg als Plattform ze gebrauchen, erëm eng Kéier op der Blockchain. Also dofir, déi, déi soen, dass dat heiten entweder reng theoretesch wär, dat kann ech natierlech net gëlle loosse. An déi, déi mengen, dass mir hei net an den éischte Waggone wäer vun der Digitalisatioun, vun der Utilisatioun vun den neien Technologien, gekoppelt un d'Finanzplaz, déi iere sech!

An ech hunn och virdu vum Succès vum Luxembourg House of Financial Technology geschwat, wou mer jo eng ganz grouss Zuel vun Entreprises hunn, déi reegelméisseg heimadder schaffen. Also,

mir sinn do am Peloton virbäi! Dofir freeën ech mech, dass esou vill Fraktiounen haut dese Projet de loi hei ënnerstëtzen.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7637. Den Text steet am Document parlementaire 7637³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7637 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7637 mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. 7735 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée aux fins de transposer la directive (UE) 2020/2020 du Conseil du 7 décembre 2020 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne des mesures temporaires relatives à la taxe sur la valeur ajoutée applicable aux livraisons de vaccins contre la Covid-19 et aux dispositifs médicaux de diagnostic in vitro de cette maladie, en réaction à la pandémie de Covid-19

Mir kommen elo zum Projet de loi 7735, der Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'TVA. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier un de Reporter vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. André Bauler (*DP*)**, *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Kader vun der Covidpandemie hu mer schonn eng ganz Rei vu Gesetzesprojeten an Debatten hei am Haus organiséiert. Och wa mer nach sécherlech net iwwert de Bierg sinn, gesi mer schonn, dank de verschiddenen Impfstoffer, déi eis elo mëttlerweil Dag fir Dag an de Medie presentéiert ginn an déi och no an no vun der Europäescher Medikamentenagence autoriséiert ginn - an do sinn ech da ganz virsiichteg a menger Wuertwal -, schonn „e puer Liichtercher“ um Enn vum Tunnel.

Jo, d'Impfung mécht ville Leit, wann och sécher net allen, Hoffnung, datt mer graduell erëm an e méi normaalt Liewen zrëckkéiere kënnen. „In dieser Pandemie wird es keine Impfpflicht geben“, sot de leschte Mëttwoch den däitsche Gesundheitsminister, deen enger genereller Impfpflicht op en Neits eng kloer Ofso erdeelt huet. „Wir setzen auf Argumente, auf Informationen und Vertrauen in den Impfstoff“, sou de Jens Spahn.

D'Diskussioun ronderëm d'Sécherheet vun den Impfstoffer, hir Wierksamkeet an eventuell gesond-



heetlech Konsequenzen, d'Verfügbarkeet vun deene verschiddene Vaccinen, mee virun allem awer d'Schnellegkeet, mat där de Vaccin an der Bevëlkerung ukënn, all dës Debatte sinn natierlech an deene leschte Woche lassgetréppelt ginn, virun allem an eisen Nopeschlänner, mee net nëmmen.

Egal wéi een zu engem Impfstoff u sech steet a wéi een zu de Vaccinatiounsstrategie steet, eent ass kloer: Mir mussen all Hiewelen a Beweegung setzen, fir datt d'Produktioun an d'Verdeelung vun deenen Impfstoffer geséichert sinn, fir déi ze schützen, déi verletzlech sinn a geimpft wëlle ginn. Dat gëllt och fir de steierlechen Aspekt. A genau hei knäppt dann dës Gesetzesprojet, mat deem mer eis dann elo hei am Plenum befaassen, un.

Wéi bis kloer war, datt verschidde Pharmakonzerner drop an dru wieren, fir hiren Impfstoff kënnen ze produzéieren an d'Autorisationsprozedur ze lancéieren, huet d'Europäesch Kommissioun sech Gedanke gemaach, wéi een den Zougang zu de Vaccinen a puncto Besteuerung kéint vereinfachen, oder besser gesot, wéi e méi gönschteg gemaach kéint ginn.

Da si mer domadder beim Thema oder um Gebitt vun der Finanz- a Budgetkommissioun. D'Kommissioun huet an dësem Zesammenhang Dispositiounen um Niveau vun der TVA geholl, déi den Zougang méi abordabel solle maachen, zum Vaccin éischstens, zweetens zu de Servicer, déi e Lien mam Vaccin hunn, wéi zum Beispill d'Logistik, an drëtens zu den Tester a Schnelltester, déi elo um Enn vum leschte Joer ëmmer méi entwéckelt gi sinn, virun allem fir den Endkonsument.

Et handelt sech also ëm eng ganz wichteg Moossnam, déi nach eemol ënnersträicht, datt d'Europäesch Unioun eng fundamental Roll an dëser Kris spillt, wa se déi néideg Kompetenzen dofir vun de Memberstaate kritt. Eng deemtspriechend Direktiv gouf vun der Europäescher Kommissioun virgeschloen, déi a Rekordzäit vun de Memberstaaten ugeholl gouf.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

D'Direktiv offréiert hei zwou Méiglechkeeten, fir mat der TVA an dësem Zesammenhang ëmzegoen: D'Memberstaate kënnen entweder den Taux réduit applizéieren oder souguer eng komplett TVA-Exoneratioun asetzen, also d'TVA zu 0 % besteieren.

No der Verëffentlechung vun der Direktiv am Dezember huet eis Regierung ganz séier dës Gesetzesprojet mat der Nummer 7735 verfaasst, deen den 21. Dezember zejoert deposéiert ginn ass. D'Gesetz ka retroaktiv op den 1. Januar 2021 vum Joer applizéiert ginn. Domadder kann d'Direktiv esou séier wéi méiglech an nationaalt Recht transposéiert an applizéiert ginn.

Iwwer wéi eng vun deenen zwou TVA-Erliichterunge schwätze mer elo haut? Ma d'Regierung huet proposéiert, datt Lëtzebuerg op de Wee vun enger vollstänneger, enger kompletter Exoneratioun goe soll, also en Taux de TVA vun 0 % unzewenden. Fir d'Ëmsetzung wäert den Artikel 43 vun eise TVAs-Gesetz vun 1979 en neie „Punkt T“, besser gesot „t minuscule“, bäikréien, an deem déi Exoneratioun dann och schréfflech festgehale gëtt.

Ech wëll dobäi ënnersträichen, datt mir trotz Exoneratioun e Recht op d'Virsteier fir déi Firme bäibehalen, déi de Produit respektiv de Service, deen hei a Fro kënn, verkafen. Domat ginn dës Entrepreneuren net duerch dat heite Gesetz finanziell belaaßt.

Sou wéi d'Direktiv gesäit och de Projet de loi eng zäitlech begrenzt Period vun zwee Joer fir d'Dispositioun vir: bis den 31. Dezember 2022 also. Dës sougenannt „sunset clause“, op Däitsch géife se „Auslaufklausel“ soen, steet am zweeten Deel vum éischten Artikel vum Gesetzesprojet. Deen zweeten a leschten Artikel gesäit d'Retroaktivitéit vun der Exoneratioun op den 1. Januar vir, sou wéi ech dat virdrun och scho gesot hunn.

Dat ass et scho fir den Inhalt vun dësem Projet de loi.

Komme mer zu den Avisen! De Staatsrot huet sech ganz séier mam Text befaasst. A sengem Avis gi prinzipiell legistesche Remarken opgeworf. Zum Beispill gëtt den Titel vum Projet de loi llicht ugepasst, fir dem Titel vun der Direktiv ze entsprechen. Des Weidere gëtt gefrot, fir de Vocabulaire oder d'Terminologie vun der Direktiv ze iwwerhuelen, wat och gemaach ginn ass. Eng aner Doleance war déi initial Formulierung vun der sougenannter „sunset clause“. Och hei gouf der Remark vum Staatsrot Rechnung gedroen.

D'Chambre de Commerce huet de Gesetzesprojet den 30. Dezember 2020 aviséiert. Si begréisst de Gesetzesprojet, deen d'Campagne vun der Covid-19-Impfung weiderdreie soll, dat natierlech am Interesse vum Kampf géint de Virus an awer och, fir déi wirtschaftlech a sozial Konsequenze vun der Pandemie ze begrenzen.

Här President, ech wëll nach eng kéier d'Wichtigkeet vun dësem Gesetzesprojet ënnersträichen. Fir de Kampf géint dës Pandemie esou schnell wéi méiglech op en Enn ze bréngen, ass et immens

wichtig, datt et fir keen eng finanziell Hürd ass, fir sech de Vaccin leeschten ze kënnen. Nieft der Akafsstrategie vun der EU ass dës Gesetzesprojet sécherlech eng bedeutend Initiative, fir den Impfstoff esou bëlleg wéi méiglech fir eis all ze halen.

Dat gesot, bleift mer just iwwreg, fir lech Merci ze soen. Ech ginn natierlech och direkt den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci dem Här Rapporteur. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** Merci. Merci och dem Rapporteur nach eng kéier. Et war erëm eng kéier en exzellente Rapport. Et huet mer och besonnesch gefall, wéi de Rapporteur do vun der „sunset clause“, der „Auslaufklausel“ geschwat huet. Här Rapporteur, mat allem Respekt, fir mech ass nach ëmmer de „sunset“ e Sonnenënnergang. An ech hunn eigentlech och dat nach léiwer wéi den „Auslauf“.

Dat gesot, hutt Der op d'Wichtigkeet vun deem Projet higewisen. A mir wäerten och dee Projet stëmmen. Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci villmools. Dann huet den Här Haagen d'Wuert.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).** Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur fir de schréfflechen a mëndleche Rapport. D'Virriedner hunn d'Wichtigkeet vum Projet betount. Ech denken och, datt mir honnertprozentig d'accord sinn, wann ech esou dierf soen, mat der Exoneratioun vun der TVA bei de Prestatiounen am Kader vum Covid-19, de Liwwerungen an esou weider, wat natierlech iwwert dës Transpositioun vun der EU-Direktiv gemaach gëtt.

Ech ginn heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci gesot. Nächst Riednerin ass d'Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** Merci, Här President. Jo, och mir als gréng Fraktioun begreissen explizit, dass d'Regierung hei immens séier war an de Projet de loi ganz séier deposéiert huet. Mir sinn och séier virukomm an hu konstruktiv zesumme geschafft. Dat gëtt et och nach ëmmer. Et ass evident, dass dat hei eng wichteg Strategie och am Beräich vun de Finanzen ass, fir eis generell Strategie an der Bekämpfung vun der Pandemie weiderzedreien. Et kann ee soen: Souwuel d'Liwwerung wéi och d'Impfung selwer, mee och d'Tester sinn eigentlech e Service de première nécessité an dësen Zäiten. An dofir ass et dee richteg Schrëtt, hei an der TVA op null erofzegoen, fir eeben de Produit esou bëlleg wéi méiglech ze maachen. Dofir nach eng kéier merci un d'Regierung.

An och merci fir säi gudden Rapport un den Här Bauler, dee jo haut schonn oft gelueft ginn ass, dann och eng kéier vun eiser Säit. An heimat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** Här President, villmools merci. Den Här Bauler huet a sengem exzellenten Exposé, wéi en dat dacks mécht, zwee Aspekter betount. En huet engersäits de Contenu vum Gesetz erkläert, op eng Manéier, wou een him nëmmen ka Recht ginn, an anerersäits huet en och deen e bësse méi breede Kontext gezechent. En huet do vum Här Spahn geschwat, dee vun der Fräiwëllegkeet vun der Impfung geschwat huet.

Et ass esou, datt mer haut jo e Conseil européen hunn an datt mer mussen ofwaarden, wat dobäi erauskënn. An et ass an eisen Aen extreem wichtig, datt dee Prinzip vun der Fräiwëllegkeet operlechterhale gëtt an datt och net iergendwéi probéiert gëtt, iwwer Reesbeschränkungen oder aner Konditiounen d'Fräiwëllegkeet a Fro ze stellen.

Mir si mat dem Här Bauler, wann et drëm geet, fir Konditiounen ze schafen, och finanzieller Natur, och steierlecher Natur, fir d'Impfen ze erliichteren a finanziell verkaaftbar ze maachen. Gläichzäiteg soe mer awer: De Prinzip vun der Fräiwëllegkeet muss onbedéngt erhalen bleiwen a vun all Mënsch respektéiert ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci. Här Wagner, Dir kritt d'Wuert, mat der Bitt, lech d'nächste kéier och anzeschreien! Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** Dir hutt absolutt Recht, Här President. Ech wäert dat déi nächste kéier maachen.

(Hilarité)

Jo, mee ech wollt d'Geleeënheet awer net verpassen, fir den Accord vun der Lénk ze ginn zu engem

Projet de loi, deen aus dem Finanzministère staamt. Dat geschitt net oft. A wann et geschitt, dann ass et scho speziell.

(Hilarité)

Selbstverständlech stëmme mer déi Exoneratioun vun der TVA am Kontext vun der Vaccinatioun a vun de Vaccinatiounsmëttelen. Dat maache mer mat grousser Freed.

Eng kleng Iwwerleeung natierlech: U sech hätte mer léiwer, datt dee ganze Konsortium, wat d'Pharmaindustrie ugeet, an och déi Industrie, déi fir d'Vaccinatioun zoustänneg ass, datt déi éischter am effentleche Beräich wäeren. Da kéint een och, wat d'Kasschen ugeet, dat aneschtens ugoen. An et wier warscheinlech och méi transparent.

Ech wëll och begrëissen, datt am Europaparlament op Initiative, mengen ech, vun der Lénker Fraktioun a vun de Gréngen och do Initiative geholl gi sinn, fir méi Transparenz ze kréien, justement wat d'Pharmaindustrie ugeet. Ech weess net, wéi déi aner Fraktiounen dozou stinn, mee ech wollt soen, datt och um europäeschen Niveau eis Kolleegen awer eng ganz gutt Aarbecht maachen, an och nach aner Kolleegen.

Voilà, ceci étant dit, mir stëmmen dat mat.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, *Président de séance.*** Merci och dem Här Wagner. Dann huet den Här Clement d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och dem André Bauler fir säin exzellente Rapport - ech hat et leider virdu vergiess, d'Zäit leeft engem heiansdo fort -, virun allem, well e mech dankenswäerterweis virdu schonn erwänt hat.

Mir Piraten si frou, datt hei zu Lëtzebuerg kee muss fir seng Covidimpfung bezuelen. Zumindest net direkt! Mir sinn dofir och frou, datt d'Regierung decidéiert huet, fir net de superreduzierten TVAs-Taux op d'Vaccinen an hir Uwendung ze berechnen, mee dës Prestatiounen direkt ganz vun der TVA auszuschleissen. Well béides war jo vun der EU-Kommissioun erlaabt ginn.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

An haut ass et just déi Impfung, mee et kéint ee sech jo awer och froen, wéisou net alles am Kader vun der Pandemie vun der TVA verschount kéint ginn oder ob se net reduziéiert kéint ginn. Wéisou net d'Maske jidderengem ouni oder mat manner TVA ubidden? Wéisou net de Gel fir d'Desinfektioun?

Jo, et ass richtig: Zu Lëtzebuerg sinn och Leit, grad wa se eng ganz Famill andecke musse mat de Schutzmoosnamen, bei deenen de Mount ganz knapp ass an de Budget net duergeet. Do kéint ee sech nach Gedanke maachen um europäesche Plang, zesumme mat eise Partnerlänner, well d'TVA ass jo eppes, wat mer net eleng kënnen entscheeden. Mee hei kéint een zumindest de Wonsch mat op Bréissel huelen an déi nächst Diskussiounen.

Zur Direktiv: Och mir wëllen unerkennen, datt dës Direktiv no knapp véier Woche schonn zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt. Bis elo hunn nëmme Malta a Spuenien den Text schonn ëmgesat. Mir sinn also eemol eng kéier ganz, ganz séier! Am Ganzen huet dës Prozedur, vun der Propos vun der Kommissioun Enn Oktober bis zur Ëmsetzung haut, keng dräi Méint gedauert. Dat ass Rekord. An där nämmelechter Zäit hu mer zwar och d'Covidgesetz e puermol gestëmmt, geännert, gestëmmt, nach eng kéier geännert a sou weider, mee fir europäesche Texter an dräi Méint vun der Iddi bis duerch d'Chamber ze kréien, dat ass, mengen ech, eng Première!

Dëst weist a mengen Aen, dass Europa och a Krisenzäiten handlungsfäeg ass an datt d'EU-Kommissioun iwwerall do, wou se Kompetenzen huet, fäeg ass, séier a konkret ze handeln. An et weist och nach eemol, wéi séier an effizient d'Chamber ka schaffen.

A wou mer bei der Chamber sinn: Mir bezuelen zwar elo keng TVA op der Impfung, mir wëssen awer och nach net genau, wat am Deal oder an den Dealen drasteet, déi zwëschent der EU-Kommissioun, de Länner an der Pharmaindustrie gemaach goufen. Dat ass bedenklech, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Mir als Parlament, déi e Budget gestëmmt hunn, mat deem déi Deale bezuelt ginn, hu keen Abléck an d'Deale mat de Pharmafirmen. Dat ass ontransparent an erschwéiert d'parlamentaresch Aarbecht.

Déi passend Ufro vun eis un de Chamberspresident gouf haut an der Conférence des Présidents beschwat, an ech sinn och ganz frou, datt mer zesummen als Parlament, zesummen als Institutioun d'Regierung opgefuerdert hunn, fir op deem Plang bei der EU-Kommissioun aktiv ze ginn, fir datt d'Chamber d'Méiglechkeet kritt, déi Texter ze consultéieren. Et kann net sinn, datt deen, dee bezilt fir eppes, net och gesäit, wat e Pond Kiische reell kascht.

Mir hoffen op eng positiv Äntwert vu Bréissel. Well sollt eis Parlament keen Accès kréien, wär dat e

Skandal fir eis Demokratie an d'Transparenz. A keng Partei hei an der Chamber dierft dat u sech op sech sëtze loosse. Och net déi an der Majoritéit! Well um Enn vum Dag ass et grad dës Transparenz, déi Fakenews verhënnert an déi d'Angscht an d'Suerge vun de Leit kann opléisen. Wéi soll een eng Entscheidung verstoen oder iwwerpräiwen, wann een de genauen Deal net ze liese kritt?

Här President, mat Gesetzer wéi dësem weist een, datt séiert Handeln och op europäeschem Niveau méiglech ass, datt ee séier a gutt am Sënn vun de Leit ka schaffen. An dësem Sënn ënnerstëtzt mir dëst Gesetz.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, nach eng kéier e Merci un den Deputéierten André Bauler fir säi Rapport, dee ganz komplett war. Ech ka mech och ganz kuerz faassen. Ech géif gären op zwee, dräi Punkten awer insistéieren.

D'Vitess, mat där Europa a Lëtzebuerg gehandelt hunn, déi ass remarkabel. Mee dat begrenzt oder limitéiert sech net op déi heiten Direktiv! Ech mengen, dass mer op eng generell Aart a Weis eis kënnen freeën, dass am Joer 2020 Europa et fäerdegbruecht huet, an dëser Pandemie Decisiounen ze huele vun enger Portée, vun enger Solidaritéit, déi mer an Europa bis dohin net kannt haten! Dat heiten ass elo en additionellt Element. Doriwwer kann ee sech freeën.

Eng zweet Saach, déi ech wollt begrëissen, ass d'Rapiditéit, mat där d'Chamber, d'Kommissiounen geschafft hunn, awer och all d'Institutiounen, ob dat de Conseil d'État ass oder aner Chambre-professionellen, déi hei séier en Avis ginn hunn.

Ech ginn net op dee ganze Kontext an. En ass bekannt. Den Deputéierten André Bauler huet et jo och beschriwwen: Mir begleeide mat dëser Mesure de Kampf géint d'Pandemie a mir huelen hei eng finanziell Hürd. Dat ass jo dat, wat mer hei maachen.

Mir huelen dat un, wéi wann et eng Selbstverständlechkeet wär. Dat ass keng! Well wat hei geschitt, dat ass: Mir setzen hei eng Direktiv ëm an domat gëtt ënnerstrach, dass d'TVA eng Matière ass, déi europäesch ass. D'TVA ass viru laang Joren eng kéier op europäeschem Niveau verhandelt ginn a gëtt déi ganzen Zäit adaptéiert. Et ass och eng grouss Reform vun der TVA amgaangen an der Kommissioun, déi déi gréisser Prinzippien och wäert amenagéieren.

Mee ech mengen, et muss ee verstoen: E Land kann net eleng, vu sech aus, d'TVA no uewen oder no ënnen setzen, an op jidde Fall no ënnen kann e Land dat net maachen. Dofir hu mer eng Direktiv hei gebraucht, déi de Länner d'Méiglechkeet gëtt, entweder e reduzierten Taux oder en Nulltariff anzeféieren. Mir hunn dann d'Optioun vum Nulltariff geholl. A mir hunn dann och virgesinn, dass, och en accord mat der Direktiv, dësen Nulltariff bis zum Schluss vum Joer 2022 méiglech ass. Dat ass eng Auslaufklausel, datt ass e schéint Wuert, op Franséisch ass et „clause de caducité“, mee ech muss soen, den engleschen Term „sunset clause“ ass awer wierklech e ganz schéinen Term.

(Interruption)

Ech muss lech awer leider enttäuschen, wa mer hei fäerdeg sinn, ass scho laang de Sunset geschitt!

(Hilarité et interruption)

Zum Ofschloss mengen ech, dass mer och versicht hunn, dat heiten esou breet wéi méiglech ze gestalten, dass mer also d'Servicer ronderëm d'Impfung hei och mat eranhuele fir de Prozentsatz vun null, an also alles, wat mat Logistik ze dinn huet, an och d'rapid Tester, fir dass de Bierger effektiv den Accès op dës Produiten esou bëlleg wéi méiglech ka kréien.

Ech freeë mech iwwert d'Unanimitéit, déi mer hei an der Chamber hu bei dësem Projet de loi. Ech sinn och frou, dass souguer den Deputéierten David Wagner derfir ka stëmmen. Dass Der net ëmmer kënn mat mir d'accord sinn, huelen ech och net perséinlech.

Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, *Président.*** - Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7735. Den Text steet am Document parlementaire 7735³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7735 et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électorique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.



Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7735 eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Gilles Roth), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

7. 7747 - Projet de loi portant :

1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ;

2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

De leschte Punkt vum Ordre du jour vun där Woch ass de Projet de loi 7747 iwwert de Congé pour raisons familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech weess, et ass spéit. Mir hunn och dräi ustrengend Deeg hanner eis. Mee dës Projet ass awer nach eng Kéier derwärt, fir Är Opmierksamkeet ze kréien. Fir d'Coronakris ze bewältegen, sinn nämlech elo ganz vill Gesetzer geholl ginn. An een Thema, iwwert dat mer schonn ëfters heibanen debattéiert hunn, ass dat vum Congé pour raisons familiales.

Ech stellen lech haut dann de mëndleche Rapport fir de Gesetzesprojet mat der Nummer 7747 vir, deen d'Artikelen L. 234.51, L. 234.52 an L. 234.53 ofännert a gläichzäiteg temporär Derogatiounen zu de Bestëmmunge vun deenen Artikelen och virgesäit.

Här President, erlaabt mer awer, well mer esou e komplexen Dossier hunn, dee mer schonn e puermol hei haten, och e klengen historesche Réckbléck op dës ganzen Dossier ze maachen, fir lech ze erklären, wéi et zu deene jeeweilege Changementer komm ass.

Éischtens: Direkt am Ufank vun der Coronakris, mam Confinement am Mäerz 2020 - ech soen elo emol d'Joer nach derbäi - huet d'Regierung séier aussergewéinlech an direkt Entscheedunge geholl, fir ëffentlech a privat Schoulen an Ausbildungsinstituter an och Structure-d'accueilen zouzemaachen, fir de Covid-19 ze bekämpfen. Dës Entscheedung hat ënner anerem mat sech bruecht, datt d'Kanner vun haut op muer hu missen doheem bleiwen.

Dofir gouf direkt en éischt groussherzoglecht Règlement vum 18. Mäerz geholl, fir d'bestoend Règlement vum Joer 1999 ofzënnere an et esou emol iwwerhaapt ze erméiglechen, datt e Congé pour raisons familiales hei geholl konnt ginn, wann d'Kanner aus zwéngende Grënn hu missen doheem bleiwen, fir d'Verbreedung vun der Epidemie ofzschwächen.

Zweetens: Duerno, während dem État de crise, wéi mer an der Deconfinementsphas waren, huet d'Regierung d'Entscheidung getraff, d'Schoulen nees ab dem 25. Mee opzemaachen, dës awer net am normalen Oflaf. Et sinn dann nämlech ofwiessend A- a B-Klasse ginn. Just vun 8.00 bis 13.00 Auer ass du Schoul gehale ginn, an dat mat manner Plazen an de Structure-d'accueilen, bedéngt duerch déi Reegele vun der Distanciation sociale.

Hei war d'Kannerbetreuung awer nach ëmmer noutwendeg. An esou goufen tëscht dem 25. Mee an dem 15. Juli 2020 fir d'éischt e groussherzoglecht Règlement vum 20. Mee 2020 an duerno e Gesetz vum 20. Juni 2020 geholl, déi et erméiglecht hunn, datt duerch d'Derogatiounen zu dem Artikel L. 234-51 vum Code du travail deene betroffenen Eltere weiderhin de Congé pour raisons familiales konnt ugebuede ginn, fir esou dat komplett oder deelweist Zoumaache vun den Empfangsstrukturen ze kompenséieren.

Dës war dann an dräi prezise Fäll: Dat war éischtens de Fall, wann d'Kand ufälleg war fir de Covid-19. Den zweete Fall war deen, datt d'Kand ab dem 1. September 2015 gebuer ass, an den drëtten Fall deen, datt d'Schoulkand ënner 13 Joer al war, deem seng Schoul zou war oder deem seng Empfangsstrukture gespaart bliwwe sinn aus Grënn, déi dann och direkt mat der sanitärer Kris verbonne waren. Dës Bestëmmungen hunn och fir déi informell Kannerbetreuung, d'Dagesmammen, d'Grousselteren, gegollt an d'Frontaliere konnten och heirobber zrëckgräifen.

Dës Gesetz vum 20. Juni 2020 war dann ab dem 15. Juli 2020, mam Ufank vun der Schoulvakanz, net méi a Kraaft. D'Gesetz war net méi a Kraaft, mee d'Coronakris war awer nach ëmmer do, och wann d'Situatioun sech iwwert de Summer liicht verbessert hat.

Drëttens: Zanter dem Ufank vum Schouljoer am September 2020 haten d'Elteren d'Méiglechkeet, de Congé pour raisons familiales spéciale Covid-19 fir isoléiert Fäll vu Quarantän oder Isolatioun vun hirem Kand ze huelen. Dee Moment war et esou, wann d'Schoulen oder d'Betreiungsstrukturen duerch eng administrativ Decisioun hätte missen zoumaachen, datt d'Eltere kee Recht op de Congé pour raisons familiales gehat hätten, well déi betraffe Kanner weeder a Quarantän nach Isolatioun waren, an dofir war et dann noutwendeg, en neit Gesetz ze huelen.

Sou koum et zum Gesetz vum 24. Dezember, dat eng temporär Derogatioun erëm eng Kéier zu deenen Artikelen vum Code du travail agefouert huet, fir den Elteren dann d'Recht op de Congé pour raisons familiales ze erméigleche fir déi Kanner, déi net an der Schoul oder an enger Empfangs- oder Betreiungsstruktur empfaange konnte ginn, well dës deelweis oder komplett zou waren oder well decidéiert gouf, op den Homeschoolingsystem ze setzen, dee gläichzäiteg och ofwiessend mam Frontalunterrecht fonctionéiert huet. Dir kennt déi Situatioun.

Beim Depot vun deem Gesetzesprojet sinn dann eng Rei vu Froen opkomm. A sengem Avis zu deem Gesetzesprojet vum 24. Dezember 2020 huet de Staatsrot drop opmierksam gemaach, datt mam Gesetz e Risiko géif bestoen, Ongläichheeten ze schafen, dës, well Elteren, déi hiert Kand an enger Crèche haten, Recht op Congé pour raisons familiales gehat hätten, während déi, déi op eng informell Kannerbetreuung, notament eng Dagesmamm, ugewise waren, net dovunner hätte profitéiere kënnen. Ausserdeem waren och all déi kleng Kanner, déi net an der Schoul waren an déi net vun enger formeller Kannerbetreuung profitéiere konnten, vum System ausgeschloss.

Op Basis vun deenen Observatiounen vum Staatsrot ware sech d'Aarbechtskommissioun an d'Regierung eens, datt mer méi déif Reflexiounen misste féieren, fir déi Ongläichheeten do ze vermeiden. An esou ass d'Gesetz vum 24. Dezember do just bis den 20. Januar gestëmmt ginn, den 20. Januar inclus, also gëschter, den Dag, wou mer deen neie President an Amerika kruten - dat hat awer näischt mam Gesetz ze dinn.

(Hilarité)

Här President, dat hei war elo den Historique fir den Dossier fir d'Joer 2020. Et ass awer och direkt am neie Joer op deem Sujet weidergeschafft ginn an et gouf en neie Gesetzesprojet Ufank Januar 2021 deposéiert. Dës huet awer missen zrëckgehoen ginn, well d'Situatioun nach vill méi komplex war wéi geduecht an et schwierig war, déi richteg Formulatioun ze fannen, fir datt mer all Fall och an deem Gesetz kéinten ofdecken.

An elo da si mer bei der Situatioun vun haut. D'Gesetz vum 24. Dezember 2020 ass zënter haut net méi a Kraaft. Dat war bis gëschter a Kraaft, zënter haut ass et net méi a Kraaft. Mee fir datt de Recours op all Bestëmmungen och elo méiglech ass, ass d'urgence e groussherzoglecht Règlement deposéiert ginn. Hei huet also elo wierklech e gewëssen Zäitdrock bestanen, well och, wann et bei eis an de Schoulen esou ass, datt mer am Moment de Cours normal hunn, ass dat an eisen Nopeschlänner awer net de Fall, soudatt et awer néideg war, hei séier ze reagéieren. Well an Däitschland zum Beispill sinn d'Schoulen zou an eis däitsch Frontaliere wäeren also vum deem Congé pour raisons familiales hei betrafft.

Mam Gesetzesprojet 7747, deen haut virläit, ass du versicht ginn, net just op all déi Eenzelfäll, déi et

kënne ginn, anzegoen, mee et ass u sech eng generell Léisung gesicht ginn. An de Projet gesäit hei also eng permanent Ofännerung vum Artikel L. 234-51 vum Code du travail vir, fir datt allkéiers, wann duerch eng administrativ Decisioun eng Schoul oder eng Crèche muss zoumaachen, sécher gestallt ass, datt jiddereen, an dat onofhängeg vun der Betreiungsform, déi e virun der Fermeture Recours geholl hat, d'Recht op de Congé pour raisons familiales huet.

Et geet also souguer esou wäit, och wann dee Fall eng Kéier géif kommen - et weess ee jo ni -, datt zum Beispill just an enger Gemeng misst eng Schoul zougemaach gi vun der Autorité compétente zum Beispill, déi dann och de Buergermeeschter kéint sinn, datt d'Elteren dann och d'Recht op de Congé pour raisons familiales hätten, dat ëmmer am Kader vun enger sanitärer Krisesituatioun.

Gläichzäiteg sinn och temporär Dispositiounen an deem Gesetzesprojet virgesinn, déi vum 21. Januar bis den 2. Abrëll gëllen, dat heescht bis den Ufank vun der Ouschtervakanz, an der Hoffnung, datt d'Situatioun sech da bis dohinner wäert verbesseren. Duerch d'Derogatiounen vun deem Artikel am Code du travail kënne während dëser Zäit d'Elteren d'Recht op de Congé pour raisons familiales fir dës prezis véier Fäll hunn:

éischstens, wann d'Kand ufälleg fir de Covid-19 ass, sous condition datt e Certificat médical virläit;

zweetens, wann d'Kand virum 1. September 2017 gebuer ass an ënner 13 Joer al ass oder nach am Enseignement fondamental ass, währenddeems seng Schoul zou ass oder d'Empfangsstrukture gespaart bleiwen aus Grënn, déi dann eeben direkt mat der sanitärer Kris verbonne sinn;

drëttens, wann d'Kand nom 1. September 2016 gebuer ass a seng Betreiungsstrukturen zougemaach goufen, ëmmer nach aus deem Grond vun der sanitärer Kris,

a véiertens, wann d'Kand ënner 13 Joer Joer al ass, deem seng Schoul oder Empfangsstrukturen aus Grënn, déi direkt mat der sanitärer Kris verbonne sinn, huet missen zoumaachen.

Dës Ennerdeelung mat deenen Datumer, déi ass do-duerjer komm, well déi Kanner, déi am Precoce sinn, Kanner sinn, déi scolariséiert sinn, mee déi Kanner, déi an enger Crèche sinn, awer net. An esou gëllt et fir se alleguerten.

D'Frontaliere kënnen op dës Dispositiounen zrëckgräifen, mee déi Dispositiounen, déi gëllen net, wann een de Chômage partiel kritt. Och dat war bei deem Gesetz vu virdrun och de Fall.

Un deem Projet de loi ass ganz, ganz séier geschafft ginn. An deem Dossier hu mer och misse séier schaffen. Mir wëssen, dass déi lescht Deeg e groussen internationalen Drock vun eisen Nopeschlänner besteet, well mir aner Covidmesuren en place hunn. An hei bewiese mer och, datt mer kënne ganz séier reagéieren an datt mer eis der Situatioun och ganz bewusst sinn an domat och eise Frontalieren, déi bei eis schaffen, hei entgéintkommen.

De Projet gouf den 18. Januar deposéiert. Gëschter Owend um 18.00 Auer koum dann den Avis vum Staatsrot eran. An hei wëll ech op déi gutt Zesummenaarbecht tëscht der Regierung an dem Staatsrot agoen an déi och begrëssen, well de Staatsrot hei direkt ganz nei Textproposé gemaach huet an domadder d'Situatioun beschstens konnt geléist ginn.

Gëschter koum dann och nach den Avis vun der Chambre des Salariés eran, déi ënnerschiddlech Observatiounen matgedeelt huet, sech awer en gros favorabel zu deem Gesetzesprojet ausgedréckt huet.

Haut de Moie gouf dann de Rapport dann och unanime an der Aarbechtskommissioun ugeholl an ech soen dofir e grouse Merci fir d'Flexibilitéit, awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht. An ech begrëssen hei virun allem och d'Aarbecht vu jiddwerengem an deem Dossier: vun der Regierung, dem Staatsrot, der Aarbechtskommissioun, der Chamberverwaltung an och vun den eenzelne Fraktiounen, dobäi notament och menger Fraktioun, déi hei wierklech ganz gutt a ganz séier zesumme-geschafft hunn.

Den 18. Januar deposéiert, den 21. Januar gestëmmt. Ech weess net, ob dat schonn oft de Fall war an deem héijen Haus. Dat soll och net Usus ginn. Dat soll net de Wee sinn, wéi hei soll geschafft ginn. An deem Fall ass et awer extreem wichteg gewiescht an et ass och gutt, dass esou séier geschafft ginn ass. An ech ginn domadder hei och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Georges Engel Merci fir dat schnellt Schaffen a ginn dem honorabelen Här Marc Spautz d'Wuert. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Merci un de Rapporteur fir de Rapport, deen en detailléiert gemaach huet an och ganz séier gemaach huet. De Saz um Schluss huet mer am beschte gefall, wou e gesot huet: „Dat soll net d'Gewunnecht ginn.“

Ech wëll soen, och fir eis war et wichteg, dass mer dee Vide oder hallwe Vide - well zanter haut de Moien aacht Auer huet jo e Règlement grand-ducal d'urgence gegollt -, dee mer doduerch haten, dass d'Gesetz, dat virdrun do war, gëschter ofgelaf ass, dass mer déi Situatioun fir déi betraffe Leit berengt hunn an dass et elo sécher ass, dass alleguerten déi Leit, déi an déi Situatioun kënne kommen, och dovun profitéieren.

Et muss ee jo do ënnersträichen: Zu Lëtzebuerg si mer de Moment net an Zuchzwang, mee an eisen Nopeschlänner ronderëm sinn awer Schoulen a Crèchen zou, woufir et awer och wichteg ass, dass déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir Loun a Gehalt schaffen, och d'Méiglechkeet hunn, gegebenefalls dorop zrëckzegräifen.

No all deem, wat den Här Engel gesot huet, wollt ech awer nach eng Fro stellen un den Här Minister, dat ass déi Geschicht ... Mir hunn elo alles opgezielt kritt: Precoce, Dagesmammen an esou weider an esou fort falen drënner. Wéi ass et am Fall vun enger Nurse, déi doheem ass an déi doheem d'Kanner versuergt an där hiert eegent Kand krank gëtt: Kann dann och herno déi Famill, déi eng Nurse agestallt hat, déi awer aus deenen doten Ursaachen net méi do ass, kann déi drop zrëckgräifen oder net? Dat ass eng Fro, déi ech och schonn an der Kommissioun gestallt hat. An ech wollt déi nach eng Kéier stellen, Här Minister, fir dass Der och do Präzisiounen gitt, ob och déi Leit an deem Fall dorënner kënne falen, wann de Staat, wann d'Gemeng decidéiert huet, dass d'Crèche zou ass. Well bis elo war et bei eis ëmmer landeswäit, mir wëssen awer aus dem Ausland, dass et och regional méiglech ass. Ech weess net, ob et eng Kéier hei zu Lëtzebuerg esou wäit kënn, mee et weess een ni, well de Covid huet eis scho vill nei Situatiounen bruecht; dass op alle Fall och alleguerten déi Leit ofgeséichert ginn.

Dat gesot, Här Minister, ass et ëmmer besser, et huet een de Spatz am Grapp wéi d'Dauf um Daach.

■ Plusieurs voix.- A!

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- An dofir gi mer och d'Zoustëmmung zu deem Gesetz. Villmools merci.

■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Carole Hartmann.

■ Une voix.- De Spatz am Grapp!

(Brouhaha)

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Merci och als Alleréischts dem Rapporteur fir e ganz detailléierten a komplette Rapport, deem u sech inhaltlech elo näischt bäizefügen ass. Merci och u souwuel den Educatiounsministère wéi den Aarbechtsministère, déi hei an deem Dossier zesumme-geschafft hunn an no, ech soen emol „e bëssen Hin an Hier“ awer eng Solutioun fonnt hunn, mat där mer, mengen ech, elo alleguerten hei gutt kënne liewen.

Ech wollt awer dräi Punkte just ënnersträichen, déi fir eis als Demokratesch Partei hei wichteg sinn, och virdru scho waren. Dat eent ass, dat hat ech d'leschte Kéier scho gesot, dass mer hei u sech mat deem Cadre légal net hignn an e ganz neien, e generaliséierte Congé schafen. Mir sinn am exceptionnelle Kader vun enger Epidemie wéi där, déi mer aktuell kennen. A mir erweideren hei d'Méiglechkeet vun engem Congé pour raisons familiales fir Salariés an Indépendanten, notament wa se e Kand hunn, dat keng 13 Joer huet, dat heescht, dat méi jonk ass a weinst der Fermeture vun der Schoul oder enger Betreiungsstruktur doheem muss bleiwen. D'Betreiungsstrukturen, dat ass scho gesot ginn, dat beinhalt net nëmmen d'Crèchen oder d'Maison-relais, mee och d'Minicrèchen oder och d'Dagesmammen.

Dat war e Punkt, deen huet musse preziséiert ginn, wat och ganz wichteg ass. Et geet eis dorëms, dass déi kleng Kanner an dëser spezieller Circonstance eebe just net mussen eleng doheem bleiwen an dass no hinne gekuckt gëtt.

An eisen Aen ass et awer esou, wann Elteren elo an enger Situatioun sinn, wou se eng Méiglechkeet souwisou hunn, dass no hirem Kand gekuckt gëtt, da mussen se net onbedéngt op deenen neie Congé hei zrëckgräifen. Mir viséieren eigentlech hei haapt-sächlech déi Elteren, déi eebe keng Méiglechkeet hunn, dass no hirem Kand gekuckt gëtt - e Kand, dat jonk ass, dat nach net kann eleng doheem bleiwen.

Firwat soen ech dat? Abee, well de Congé, dee mer hei awer kreéieren, trotzdeem och eng Inzidenz op eis Betriber huet. Mir sinn a schwéieren Zäiten. Si sinn och drop ugewisen, dass hir Salariéen do sinn